# Par Atertdall – Sainte Claire

**Parbréif vum 20. Juli - 6. September 2020**

N° 4/2020 – Jg. 4



# PAR ATERTDALL SAINTE-CLAIRE

Kierchen:

Beckerich, Bettborn, Buschrodt, Colpach, Dellen, Ell, Elvange, Everlange, Grevels, Grosbous, Heispelt, Huttange, Kahlenberg, Kuborn, Lannen, Levelange, Michelbouch, Nagem, Niederpallen, Noerdange, Oberpallen, Ospern, Petit-Nobressart, Redange, Reichlange, Rindschleiden, Rippweiler, Roodt, Schandel, Schweich, Useldange, Vichten, Wahl

aus de Gemengen:

Biekerech, Ell, Groussbus, Réiden, Préizerdaul, Useldeng, Vichten, Wahl

**PARZENTRUM:** **40, Grand'rue L- 8510 Redange-Attert**



E-Mail: atertdall@cathol.lu
Site: https://cathol.lu/atertdall
Kontosnummer: CCRALULL LU86 0099 7801 0347 9408

**KOORDINATOR:** Gérard Kieffer Tél. 46 20 23 33
**PASCHTÉIER:** Vincent Billot
Mathieu Janssen Tél: 23 63 00 30

*Permanencen zu Useldeng am Parhaus: Mëttwochs vun 14.00–16.30 Auer*

**PASTORAL MATAARBECHTERIN:** Joke de Kroon Tél. 691 497 273
*Freides vun 9.00 – 13.00 Auer & op R-V*

**KATECHET:** Carlo Philippe Tél. 621 434 736
*Dënsdes vun 9.00 – 11.30 Auer*

**KRANKEN- & ALTENPASTORAL:** Marie-Claire Rasqué
Tél. 23 62 07 20 / 621 618 855

**BEGRIEFNISPASTORAL / Téléphone d'urgence: Tél. 621 686 102**

**SEKRETARIAT:** Michèle Asseray Tél. 23 62 10 53
*Daschdes bis Donneschdes vun 9.00 – 11.30 Auer*

**De Parbüro ass méindes ZOU – Le bureau paroissial est FERMÉ le lundi.**

---

**MASSBESTELLUNGEN**: Tel. 23 62 10 53/ atertdall@cathol.lu

**Nei Tarifer / nouveaux tarifs :**

Mass /messe: 30 €
Daf / baptême: 0 €
Hochzäit /mariage: 150 €
Begriefnis / obsèques – cérémonie d'adieu: 40 €
Begriefnis & Mass / funérailles: 125 €
Mass oder Gottesdéngscht fir besonnesch Gelegenheeten (z.B. Konveniat) / Messe ou célébration de la parole pour des occasions diverses (p.ex. journée des anciens, jubilés) : 125 €

---

**UMELDUNGEN**

- fir eng **DAF** oder e **BESTIETNIS** ginn nëmmen am Parbüro ugeholl.

Viraussetzungen fir eng **DAF**:

- Rendez-vous mam Paschtouer mindestens 2 Méint virum gewënschten Datum (bréngt w.e.g. vu Pätter a Giedel e Firmschäin mat)

Viraussetzungen fir e **BESTIETNIS**:

- Umeldungen w.e.g. 1 Joer virum gewënschten Datum. (wéinst dem Deelhuelen un den Ehevirbereedungscours'en).

**INSCRIPTIONS** pour un **baptême** ou un **mariage** sont à adresser uniquement au secrétariat paroissial.

Conditions préalables pour un **baptême** :
Rendez-vous avec le prêtre au moins 2 mois avant la date désirée. (Amenez s.v.pl. les certificats de confirmation de la marraine et du parrain)

Conditions préalables pour un **mariage**:
Inscription 1 an avant la date désirée et participation à la formation de préparation au mariage.

**NEWSLETTER – ABONNEMENT:**

- Fir Iech op eis Newsletter z'abonnéieren, schéckt w.e.gl. e klenge Message an de Parbüro: atertdall@cathol.lu
- Pour vous abonner à notre bulletin d'information, veuillez envoyer un petit message au bureau paroissial : atertdall@cathol.lu

- **De Parbüro ass zou vum 17.8. bis 28.8.**
- **Le bureau paroissial sera fermé du 17. au 28 août**




---

## Summer vun den oppene Kierchen vum 1. Juli bis den 15. September



Vill Leit wäerten dëse Summer hei am Ländchen ënnerwee sinn. Da kann een flott profitéiere fir eis Kierche kucken ze goen. Mat hiren typischen Tierm, déi ee scho vu wäitem erkennt, verschéineren si eis Uertschaften an eis Landschaft. Vill vun dëse Gottesraim sinn op a lueden an zu Momenter vu Rou a Besënnung.
Dëss Kierchen aus eiser Par machen mat:
Bëschrued, Gréiwels, Heeschpelt, Iewerleng, Kéiber, Osper, Randschelt, Réiden a Wal
Weider Informatiounen iwwer:
https://cathol.lu/article8770

Léif alleguer,

Wien vun eis hätt geduet, dass en der Vakanz mat esou gemëschte Gefiller géing entgéintkucken. Déi läscht Wochen a Méint waren aussergewéinlech an et get näischt, wat fir de Mënsch méi schwéier ze verdauen ass wéi Ännerungen vu senge Gewunnechten. Gewunnechte si Sécherheeten, déi ee brauch, wann et streckeweis am Liewen mol e bëssen duercherneen geet.

Eng vun de Gewunnechten ass de Massbesuch (dee natierlech wäit méi wéi eng Gewunnecht ass). Esouguer hei huet d'Welt sech geännert. Et huet een sech missten umellen, mir soutzen net op eise gewinnte Plazen, d'Choralen hu net gesongen an et huet een sech no der Mass net lang opgehal. Mir mierken awer och, dass mir ni al genuch gin, fir net eis Gewunnechten - liebgewonnene Routinen - mol ze änneren. Et erënnert eis, dass een sech op Neies oft dann eréischt aléisst, wann een dozou gezwonge get. Den Zwang ass net gudd, awer déi positiv Erfahrung, déi ee ka maachen, ass flott.

Villäicht sollt een dës Zäiten och eng Kéier aus deem Bléckwénkel kucken.

Vum 1. September bis de 4. Oktober ass an der Diözes erem d'SchöpfungsZäit. Den 1. September ass den Ufank vum liturgesche Joer bei den Orthodoxe Kierchen, wou d'Schöpfung gefeiert get, an de 4. Oktober ass d'Fest vum Hl. Franz vun Assisi. D'Thema dëst Joer ass « Und siehe, es war sehr gut ».

Besonnesch elo am Summer, wann d'Felder, d'Wisen an d'Gäert an alle Faarwen schéngen, géifen déi meescht vun eis dat do ënnerschreiwen. Bei allen widregen Ëmstänn, déi mir de Moment duerchliewen, ass et gudd, de Bléck op déi flott Säite vun dëser Joreszäit ze riichten. De Summer ass de Moment gudd ze erdroën, et gouf vill Äerdbiir a Kiischten an de Gäert, am Hierscht gin et op ville Plazen vill Äppel, Quetschen a Mirabellen an beim Wäin gesäit et ganz gudd aus.

Villäicht ass dat och eng Lektioun, déi Corona eis däitlech mécht: am Liewen läit Ufuerderung, Angscht a Gefor oft ganz no bei Erfëllung, Schéinheet a Genoss an d'Hoffnung ass d'Bréck tëscht deenen zwou Säiten.

Mir wënschen Iech eng farweg, genossvoll an entspaanten Summerzäit!

Gérard Kieffer

am Numm vun der Pastoralequipe



# AGENDA: Massen – Fester – Feieren

- Jiddereen deen um Gottesdéngscht wëll deelhuele muss eng Sëtzplaz hunn. Famillen, déi an engem Haushalt wunnen dierfe beienee Plaz huelen.
- Bis jiddereen op senger Plaz setzt, **muss een eng Mask unhunn**. Wärend dem Déngscht kann een se ausdin et ass awer recommandéiert se och wärend dem Déngscht unzehalen.

- Tous les participants aux offices doivent avoir une place assise. Les personnes vivant dans le même ménage ne seront pas séparées.
- **Les fidèles doivent porter une protection buccale** en entrant dans l'église et la garderont au moins jusqu'à ce qu'ils aient atteint leur place dûment marquée. Nous recommandons de porter ce masque également pendant la cérémonie.

| | | |
|---|---|---|
| **Sonndig** | **26. Juli** | **17. Sonndig am Joreskrees** |
| Grosbous | 10.30 | Houmass<br>Jean & Lucie Hoffmann-Mangen<br>Verst. Fam. Gremling-Krier<br>Roger Duhem & Livio Tomassini<br>Salvatore Marano & Geschwëster<br>Stg. Aloyse Pletschette<br>Stg. Fernande Olinger-Goedert & Famill Goedert |
| Useldeng | 10.30 | Houmass<br>1. JM Marcel Weber & Verst. Fam. Weber-Feitler & René Frisch<br>Fam. Nierenhausen-Graff-Mathieu<br>JM Josephine & Mathias Olinger-Weimerskirch, Jean & Marie Schreiner-Hilbert<br>Fernand & Roger Mergen, Verst. Fam. Mergen-Gedgen & Weimerskirch-Lahr<br>Stg. Pfarrer Nothumb, Nicolas u. Jean Nilles, Fam. Nothumb-Muller, Relles-Elcheroth, Zeimet, Harpes, Zimmer u. Jugend von Rippweiler (RW) |
| Réiden | 18.30 | Owesmass<br>op Meenung (L.T.)<br>Verst. Fam. Goedert-Schmit |

**Gebetsanliegen des Heiligen Vaters für den Monat August:**
Wir beten für alle, die auf den Weltmeeren arbeiten und davon leben; unter anderem für Matrosen, Fischer und für ihre Familien.

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdig** | **1. August** | |
| Préizerdaul | 18.30 | Virowendmass<br>6. WM Marie Bourg-Heyart<br>op Meenung (M.G. & L.I. & L.A.)<br>Stg. Fam. Arens-Lejoly & Wohltäter; Stg. Fam. Weyland-Peschon & Weyland; Stg- Fam. Schaus-Sand, Agnes & Agnes-Schaus Stg. Fam. Wagner-Krell; Stg. Verst. Fam. Steichen-Kissen & Steichen-Kisch; Stg. Jean Koob-Marie Warnimont |
| **Sonndig** | **2. August** | **18. Sonndig am Joreskrees** |
| Vichten | 10.30 | Houmass<br>Doris & Donny Buchholtz-Wiltgen & Emil Buchholtz<br>Stg. Nic Jaeger, Catherine Müller & Gustave Jaeger & Wohltäter |
| Réiden | 18.30 | Owesmass<br>Stg. für Wohltäter (OS) |
| **Freidig** | **7. August** | **Häerz-Jesu-Freidig** |
| Vichten | 18.30 | Rousekranzgebiet |
| **Samschdig** | **8. August** | **Hl. Dominikus, Ordensgründer (+1221)** |
| Ell | 18.30 | Virowendmass<br>Anny & Aloyse Godelet-Eischen<br>Stg. Fam. Ney; Stg. Fam. Graf, Welter, Knaus & Wohltäter; Stg. Fam. Nothum-Unsen |
| **Sonndig** | **9. August** | **19. Sonndig am Joreskrees** |
| Wahl | 10.30 | Houmass<br>6. WM Jos Malget, Alice Malget-Treff & Ben Steimens<br>Alfred Mertens, seng Elteren & Schwéierelteren<br>Fam. Majerus-Schroeder<br>Anna Roulling-Dahm<br>Bernard & Catherine Lucius-Laschette<br>Roby Kneip & Elteren<br>Anna & André Kuhn-Mausen<br>Anny Meiers-Goedert<br>Stg. Fam. Bourg-Mersch, Greiweldinger-Molitor, Knaus-Mannes, Baustert-Rodolff, Heuertz-Meyer, Schmit, Miller, Cannnivet, Majerus u. Stifter (BS)<br>Stg. für Wohltäter der Kirche |
| Réiden | 18.30 | Owesmass<br>Stg. für Wohltäter (OS) |

| | | |
|---|---|---|
| **Samschdig** | **15. August** | **MARIAE HIMMELFAHRT** |
| Vichten | 18.30  | Mass mat Seenen vum Wësch<br>JM Anita Jacoby-Arendt<br>Josephine Thilmany-Goedert & Fam. Arendt-Koster<br>Fam. Noben-Lebendig<br>Stg. Hw. H. Fr.-Xaver Nothumb<br>Stg. Maas-Altmeisch, Catherine & Marguerite Reiff & Fam.<br>Stg. Geschwister Peter-Adolf, Maria, Catherine & Albertine Schroeder & Fam. |
| **Sonndig** | **16. August** | **20. Sonndig am Joreskrees** |
| Useldeng | 10.30  | Houmass mat Seenen vum Wësch<br>1. JM Liliane Gengler-Ferber<br>Victor Sinner<br>Maria & Josy Schmit-Kohner<br>Stg. Pfarrer J.P. Frank u. Pierre Hess, Fam. Frank-Reckinger-Schiltz-Regenwetter-Hess-Jacoby-Biesen-Hommel (RW)<br>Stg. Pfarrer Pierre Lamesch u. Fam. (EV) |
| Grosbous | 10.30  | Houmass mat Seenen vum Wësch<br>JM Liette Schuster<br>JM Philippe Neises, Jacques & Anna Neises<br>Verst. Fam. Meyers-Meyers-Lies<br>Roger Duhem & Livio Tomassini<br>Fam. Neu-Turpel<br>Stg. Familljen Pletschette-Glaesener-Hottua & Heymans; Stg. Familljen Thillen<br>Stg. Familljen Arendt-Birckel-Clerf<br>Stg. Alex Pletschette |
| Réiden | 18.30  | Owesmass mat Seenen vum Wësch<br>Stg. Paul u. Joséphine Lallemang-Seyler (OS)<br>Stg. für Wohltäter (OS) |
| **Samschdig** | **22. August** | **Maria Kinnigin** |
| Ell | 18.30 | Virowendmass<br>Albert a Maria Fasbinder-Nies a Verst. Fam Fasbinder-Seyler<br>Stg. Fam. Godelet & Peiffer<br>Stg. Fam. Fasbinder-Seyler-Nies |

| | | |
|---|---|---|
| **Sonndig** | **23. August** | **21. Sonndig am Joreskrees** |
| Beckerich | 10.30 | Houmass<br>op Meenung (L.T.) |
| Réiden | 18.30 | Owesmass<br>Stg. für Wohltäter (OS) |
| **Samschdig** | **29. August** | **Weiedag vun der Kathedral** |
| Préizerdaul | 18.30 | Virowendmass<br>Jean Koob-Marie Warnimont & Nicolas Koob, Antoine Calmes-Madeleine Thill<br>Stg. Gaspard Schmit-Marie Kolber<br>Stg. Fam. Gergen-Breyer<br>Stg. Priester & Uerdensberuffer an der Par & an der Diözes; Stg. Fam. Seyler-Hopp |
| **Sonndig** | **30. August** | **22. Sonndig am Joreskrees** |
| Useldeng | 10.30 | Houmass<br>Leo Rach & Joseph Rach & Suzanne Thielen<br>Marie & Jean-Pierre Merges-Leyder & Elise a Bernard Merges<br>Martine Turmes-Kleer<br>Stg. R.R.D.D. Nic. Majerus & Fam., Michel Schuster, Théophile Weirich & Fam., Pfarrkinder u. Wohltäter |
| Réiden | 18.30 | Mass<br>Verst. Fam. Goedert-Schmit<br>Stg. für Wohltäter (OS) |

**Gebetsanliegen des Heiligen Vaters für den Monat September:**
Wir beten, dass kein Raubbau an den Rohstoffen unseres Planeten betrieben wird, sondern dass sie gerecht und nachhaltig verteilt werden.

## 1. September - Weltgebiedsdag fir d'Bewahrung vun der Schöpfung




Bild: Daily Verses.net

| | | |
|---|---|---|
| **Freidig** | **4. September** | **Häerz-Jesu-Freidig** |
| Vichten | 18.30 | Rousekranzgebiet |
| **Samschdig** | **5. September** | **Hl. Mutter Teresa vu Kalkutta (+1997)** |
| Biekerich | 10.30 | Daffeier vum Marcel MORBÉ |
| Ell | 18.30 | Virowendmass<br>Victor Crochet<br>Stg. Fam. Weisgerber, Bonifas, Thill & Wohltäter |
| **Sonndig** | **6. September** | **23. Sonndig am Joreskrees** |
| Vichten | 10.30 | Houmass<br>Anita Jacoby-Arendt; op Meenung (B)<br>Christine a René Kugener-Rasqué a Marie a Jean-Pierre Rasqué Breden<br>Emile & Triny Simon-Staudt & Félix Simon, Erwin & Aline Malinowski-Devillet<br>Josephine Thilmany-Goedert & Fam. Arendt-Koster<br>Stg. Nic Schaul & Catherine Hansen<br>Stg. Barbara Franck & Fam. Feyereisen-Jacoby, Joh.-Nic. Franck & Elise Kirsch<br>Stg. Joh. Demuth & Célestine Bissen<br>Stg. Eugène Moris-Agnès Hengen |
| Wahl | 10.30 | Houmass<br>Alfred Mertens, seng Elteren & Schwéierelteren<br>Verst. Fam. Treff-Loutsch & Treff-Loesch<br>Marie-Thérèse an Emile Majery-Petry a Verst. Fam. Majery a Petry<br>Alice & Jos Malget-Treff & Ben Steimens<br>Marco Mausen<br>Stg. Marcel Keiser, Martin Schroeder, Raymond Weber, Jean Wagner und Adolphe Goffin (BS)<br>Stg. für Wohltäter der Kirche |
| Préizerdaul | 12.00 | Daffeier vum Mayva MENSTER |
| Réiden | 18.30 | Mass<br>Félicie Franck & Fam.<br>Stg. Wohltäter der Kirche (NP)<br>Stg. für Wohltäter (OS) |

**Den nächste Parbréif geet vum 7. September bis 25. Oktober**
**Redaktiounsschluss ass Donneschdig den 13. August**

## Virbereedung fir d'FIRMUNG 2020 - E puer Impressiounen:





Am Kader vun der Virbereedung op d'Firmung maachen déi Jonk aus de Paren Atertdall Sainte-Claire a Rammerech Saint-Valentin e soziale Projet.



Dëst Joer hu si an Zesummenaarbecht mat de Flüchtlingen aus der Gemeng an der Gemeng Rammerech gehollef e Gaart fir jidereen zu Bungeref unzeleeën. Déi Jonk hunn d'Hochbeeter fir d'Kanner aus dem Cycle 1 opgebaut. De Nomëtteg ass mat engem gemittlechen Zesummesinn ausgeklong.



# Léiffrawëschdag



Léiffrawëschdag oder och nach bekannt als Mariä Himmelfaart oder Krautwëschdag ass de 15. August. Op deem Dag ass et de Brauch, deen schons 1000 Joer al ass, dass mir e Krautwësch mat an d'Kierch huelen fir ze seenen. Dëst si Kraider déi mir an der Natur an Doheem am Gaart fannen. An der Natur, dem Härgott senger Schöpfung, gëtt et sou ze soen géint all klenge Bobo e Mëttel. Wat kënnt dann elo an sou e Bouquet? Huewer, Geescht, Weess, Kar, Kamomille, Thymian, Baldrian, Wermut, eng Muert, eng Ënn, Melisse. Et gëtt nach vill verschidden aner Kraider.

De Bauer huet säi Wësch am Stall opgehaangen zum Schutz viru Krankheeten bei sengen Déieren. Haut gëtt en och Doheem am Haus opgehaangen. Dëse geseente Wësch stellt äis ënner e besonnesche Schutz vum Härgott a vu Maria.

Firwat dann elo um 15 August? Et gëtt vill Legenden vun der Himmelsmamm. Eng dovunner seet, dass Apostele, wéi se eng Kéier d'Graf vu Maria besicht hunn, kee Kierper fonnt hunn, mee lauter schéin farweg a gutt richend Bloumen a Kräider. Fir dëse Brauch weider liewen ze loossen, brengen Leit de Wësch mat an d'Kierch oder huelen e geseente Wësch vun hei mat Heem. D'Wëscher ginn an all de Massen vum 15. a 16. August geseent.

D'**ACFL** bënnt Wëscher, déi den 13. an de 14. August beim Marie-Claire zu Kolpesch op der zouenen Terass gemeet ginn. All Hëllef ass gäere gesinn, mat an ouni Kraider. Och Nitmembren kënnen eng Hand mat upaken, duerfir w.e.g. umellen um Telefon 23 62 07 20. Hei ginn och d'Umeldungen fir e Wësch ze bestellen ugeholl. Dës Wëscher si fir e gudden Zweck an all Don ass häerzlech wëllkomm. Si ginn an de Massen vun **Useldeng** a **Groussbus** verdeelt, an op Wonsch och Heem bruecht. Natierlech däerf een och säin eegene Wësch matbrengen.

Och zu **Vichten** gi Wëscher gebonnen. Hei soll dir iech w.e.g. beim Maggy um 83 85 79 oder Eugénie um 83 81 13 mellen.

Och zu **Réiden** gëtt de Wësch gebonnen, dee Sonndesowes an der Mass geseent gëtt an no der Mass verdeelt. Gaart an Heem Réiden këmmert sech drëms an dir kënnt e bestellen Telnr:  23 62 18 45/ 621 512 607 Agnes Schlim oder beim Poull Christiane: 691 920 205 no 18 Auer. Dir kritt de Wësch och gäeren Heem geliewert an den Erléis ass och hei fir e gudden Zweck.

**Catéchèse à distance**
**MERCI all deenen Familljen déi matgemeet hunn.**

Wéinst dem Coronavirus sinn déi läscht Méint Katechesen iwert Mail a Post gemeet ginn. Hei e puer Impressiounen déi dobäi erauskomm sinn.
































